N°1557
Entrée le 21.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. November 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus an un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

D'Energietransitioun ass voll amgaangen an d'Infrastruktur muss deementspriechend ugepasst ginn. Déi nei Tarifikatioun vum Stroumnetz ass just een Zeeche vu villen, dass de Reseau vun haut net fir d'Technik vu muer adaptéiert ass. E grousse Faktor spillt heibäi d'Elektromobilitéit. Bis 2030 sollen d'Elektroautoen iwwerdeems 49% vum nationale Fuerpark ausmaachen. D'E-Gefierer verbrauchen awer net just Stroum, se kënnen och als Energiespäicher genotzt ginn. Hei kéint dofir déi bidirektional Luedetechnologie eng grouss Roll spillen. Den E-Auto kann – wann d'Infrastruktur et erlaabt - fir verschidden Zwecker Energie fräiginn. Sou schwätzt ee vu Vehicle-to-Device (V2D), Vehicle-to-Home (V2H) oder Vehicle-to-Grid (V2G). Fir d'Energietransitioun kann de V2H a Verbindung mat enger Photovoltaikanlag interessant sinn. Op der anerer Säit kéint de Support vu V2G Spëtzten am Stroumnetz offiederen. Generell kéinten d'E-Autoen an Zukunft eng wichteg Roll fir national Energiespäichere spillen.

An deem Zesummenhang wëlle mir follgend Froe stellen:

- Wéi eng Iwwerleeunge ginn et an de Ministère zum Potenzial vun der Späicherkapazitéit vu E-Autoen? Wat sinn d'Erausfuerderungen, notamment fir V2G ze erméiglechen?
- Gëtt et eng Strategie, fir V2G systematesch ze ënnerstëtzen?
- Goufen et Gespréicher mat Acteuren aus Frankräich oder Groussbritannien, wou V2G scho méiglech ass?
- Goufen et Gespréicher mat de concernéierten nationalen Acteuren? Wa jo, wat ass dobäi erauskomm?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Huet d’Regierung wëlles, V2H méi ze encouragéieren? Wa jo, wéi?

Mat déiwem Respekt,

Yves Cruchten
Deputéierten

Georges Engel
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu